# 66ème Championnat du Monde Pêche au Coup par Nations 2019

Canal DTD – Novi Sad SERBIA

02.09.2019 – 09.09.2019

SEPTEMBER
07

Bericht vum Fernand Schmitt vum 7. Dag

**Gudden Owend aus Serbien.**

Folgend Resultater hunn eis Jongen gemaach:

Secteur A Pit: 10 1/2 Pkt mat 2998 gr. Secteur B Rom: 7 Pkt mat 3624 gr.

Secteur C Bill: 6 Pkt mat 2658 gr. Secteur D Marc: 9 Pkt mat 4037 gr.

Secteur E Roger: 4 Pkt mat 6609 gr.

Am Klassement vun den Natiounen beleeën mer domat déi 12te Platz ënner 32 Natiounen.

Wat kennen mer festhalen. An den Secteuren A, B an C wier et an sech net optimal an awer sinn relativ nach vill Wäissfësch gefaangen ginn. Katz war an sech awer nach ëmmer deck vertrueden. Et huet een missen no enger hallwer Stonn ob Katzen mat der Wipp fëschen goen. Dat wichtegst wor eraus ze fannen wéini d' Plaquetten ob der kuerzer Distanz eran geréckelt sinn an dann huet een iwwer dem Fong déi eng oder aner konnten fänken.

An den Secteuren D an E huet den Katzefësch dominéiert.

Muer setzen eis Jongen an folgenden Secteuren:

A) Franck, B) Romain, C) Roger , D) Bill, E) Marc

Mir wäerten muer nach probéieren no fir ze kommen well mer mol nees eng Kéier eestelleg wëllen bleiwen. Meng Meenung ass dozou dass Jongen dat absolut verdéngt hätten well se keng Beméiungen ausgelooss hunn fir mol nees e bessert Resultat of kënnen ze liwweren.

Dréckt Daumen fir eis Jongen. An een schéinen Bonjour un Iech all doheem.



*Fernand SCHMITT*